N° 5021
Reçue le 29.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.09.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. September 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Inneminister weider ze leeden.

Déi zoustänneg Ministeren haten an hirer Äntwert op eng parlamentaresch Fro confirméiert datt et den 22. Juni 2021 eng informatesch Pann gouf déi Repercussiounen op den Einsatzleitsystem (ELS) an d'Noutruffnummer 113 vun der Police hat.

Eisen Informatiounen no funktionéiert d'Software déi benotzt gëtt nach ëmmer net richteg an e gi permanent Problemer. Dee selwechte System géif anscheinend och an den USA benotzt an och do kënnt et wuel des Ëfteren zu Ausfäll.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Gëtt fir den ELS vun der Police d'Software vun Intergraph benotzt ?
2. Wa jo, ass d'Regierung driwwer informéiert datt et och am Ausland Problemer mat dëser Software gëtt ?
3. Kann d'Regierung confirméieren datt et och nom 22. Juni 2021 Problemer mam ELS vun der Police gouf ?
4. Wa jo, war zäitweis déi permanent Disponibilitéit vum ELS nët garantéiert ?
5. Wat sinn déi konkret Problemer vum besote System a wéi laang brauchen se am Fall vun enger Pann fir erëm operationell ze sinn ?
6. Wéi ass virgesinn datt all zoustänneg Acteuren handelen am Fall vun enger Pann vum System ?
7. Fir wat hunn den 112 an den 113 ënnerschiddlech Systemer ?
8. Ob Basis vu wéi enge Critèrë gouf de System ausgewielt ?
9. War deemools scho bekannt datt et Probleemer ginn ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | | |
|---|---|---|
| Léon Gloden | Laurent Mosar | Marc Lies |
| Deputéierten | Deputéierten | Deputéierten |

N°5021
Reçue le 02.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :
Nathalie Medernach
247- 74652
qp@msi.etat.lu

Luxembourg, le 29 OCT. 2021

**Objet : Question parlementaire n° 5021 des Messieurs les Députés Léon Gloden, Marc Lies et Laurent Mosar sur les problèmes techniques de la centrale de secours d'urgence du 29 septembre 2021**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, a vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 5021 vun den honorabelen Deputéierte Léon Gloden, Marc Lies a Laurent Mosar zum Sujet "Problèmes techniques de la centrale de secours d'urgence"**

Ad 1) 2) 3)
Et huet sech beim Virfall vum 22. Juni em Hardware-Problemer gehandelt, op deene verschidden informatesch Applicatioune gelaf sinn, dorënner den ELS (Einsatzleitsystem) vun der Police an aner Softwaren déi vun de nationalen a regionalen Zentrale benotzt ginn. Och duerno ass et am Beräich Hardware zu Incidents mineurs komm, déi déi Programmer impactéiert hunn, déi op deene Maschinne gelaf sinn. Et kann een also net vu generaliséierte Software Problemer schwätzen.
Et ass en externen Audit ugefrot, fir dofir ze suergen, dass esou Situatiounen an Zukunft net méi virkommen.
D'ELS-Software leeft zënter Joren technesch an operationell ganz zefriddestellend fir déi Besoinen déi couvréiert solle gi bei der Police grand-ducale.
Dës Software ass bei der Police vu villen europäeschen Nopeschlänner am Asaz an ass zu Lëtzebuerg haaptsächlech um belsche Modell inspiréiert ginn.

4) bis 6)
Verweis op d'Äntwert zu der Question parlementaire 4583 vum 24. Juni 2021

7)
D'Police an de CGDIS hunn ënnerschiddlech Dispatching-Systemer wéinst verschiddenen Ufuerderungen un esou Systemer, wei zum Beispill d'Informatiounsgewënnung fir den Aspekt vun enger judiciairer Suite. D'Missiounen an déi operationell Organisatioun vun de Rettungsdéngschter si ganz anerer wéi déi vun der Police, esou datt deelweis aner technesch Programmer fir d'Ëmsetzung benotzt ginn. Et ginn awer Schnëttstellen tëschent béide Systemer, esou dass béid Entitéiten initial Informatiounen direkt hunn, wann et néideg sollt gi bei enger gemeinsamer Interventioun.

8)
Déi operationell Besoine vum CGDIS (deemools nach ASS) a vun der Police goufen an engem Cahier des charges opgestallt an de Programm, mat all senge Composante, gouf iwwer eng regulär Acquisitiounsprozedur vun engem Marché public ausgeschriwwen.

9)
Verweis op d'Äntwerten 1) bis 3).